



Dëst Gesetz vun 1970 gesäit och vir, datt de Remboursement souwuel vum Invest wéi och vun de Chargé vum esou Gebaier garantéiert ass. D'Formel, op déi sech de Lëtzebuerger Stat an den Europäesche Geriichtshaff bei dësem Projet géeneegt hunn, ass iwwregens Location-vente. Op dësem Prinzip hate sech de Stat an den Europäesche Geriichtshaff schonn zum Deel 1994 an enger Konventioun an dunn definitiv 2007 an engem neien Zousatzvertrag géeneegt.

Här President, de virleiende Gesetzesprojet gouf vum Statsrot den 22. September aviséiert. Déi héich Kierperschaft hat mat verschiddene Bestëmmunge vum Text Problemer, notament mat der legaler Limite fir öffentlech Investissementer, bei där d'Regierung net den Accord vun der Chamber froe muss, an hat souger eng formell Oppositioun dobäi ugekënnegt. Allerdéngs huet déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun dem Statsrot senge Bedenke Rechnung gedroen an dëse Passage am Gesetzesprojet dann och gestrach.

Ze soe bleift nach, datt et sech elei ëm e Virfinanzéierungssystem handelt an de komplette Montant vum Invest laut Konventioun vun der Europäescher Communautéit zrëckbezuelt gëtt. Des Weidere ginn d'Frais de fonctionnement, déi sech op 2.350.000 Euro pro Joer belafen, vun deem Dag un iwwerholl a bezuelt, wou d'Cour de justice d'Gebaier och occupéiert.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, esou vill vu menger Säit. Fir weider Detailer zur Renovatioun vun de Gebaier A, B an C vum Europäesche Geriichtshaff, déi éischter technescher Natur sinn, verweisen ech op mäi schrëffleche Rapport a selbstverständlech och op de Gesetzestext.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, denken awer, datt dëse Projet eng grouss Zoustëmmung elei an der Chamber fanne wäert a ginn och den Accord vun der CSV zu dësem Projet.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Lucien Clement Merci. Als éischten an och gläichzäiteg leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet 6019 iwwert d'Mise à niveau vun den ABC-Gebaier vum Europäesche Geriichtshaff um Kierchbiereg ass d'ADR och d'accord. Ech soen och dem Här Rapporteur Merci fir säi gudden Rapport a seng ausgezechechten Aarbecht. Ech wëll duerfir och net vill Wieder iwwert de Projet selwer verléieren, mä éischter d'Geleeënheet notzen, fir e puer méi allgemeng Froen ze stellen - freet lech net ze fréi, Här Wolter - an e puer Iwwerleeunge mat lech ze deelen.

De Finanzement vum Projet 6019 geschitt iwwert de Wee vum Garantiegesetz vun 1970. D'ADR wëllt an deem Zesammenhang den Här Minister froen, fir der Chamber en aktualiséierte finanziellen Iwwerbléck iwwer all déi Garantien ze ginn, déi de Stat am Ablack iwwert dat Gesetz gëtt. Mir wäeren och frou fir eng Confirmatioun ze kréien, datt déi Zommen net ënnert d'Maastricht-Kritäre falen.

Et géif eis och interesséieren, fir e synopteschen Tableau iwwert déi verschidde grouss europäesche Bauprojekte vun deene leschte Joren um Kierchbiereg ze kréien, mat hirem jeeweilege Finanzéierungsmodus, dee jo variabel ass, a mat enger Beschreiwung vun der jeeweileger Situatioun am Hibleck op d'Propriétéit respektiv d'Notzungsrechter vun deene betroffenen Terrainen.

Wat speziell den Europäesche Geriichtshaff ugeet, wäere mir frou, fir kënne vum Här Minister gewuer ze ginn, wéi wäit de Projet vum drëtten Tuerm ass, an och, ob schonn de Finanzement vun deem Tuerm konnt mam Geriichtshaff gekläert ginn.

D'ADR ass der Meenung, datt dee sougenannte kleng Kueb misst renovéiert ginn,

fir de Sëtzungssall beschtméiglech fir Kongresser kënnen ze notzen. An deem Kontext stellt sech dann och d'Fro vun der definitiver Ennerbréngung vum europäeschen Iwwersetzungsdeingscht a vum EFTA-Geriichtshaff.

Här President, den europäesche Quartier um Kierchbiereg huet ongeféier deen urbanistesche Charme vu Brasília. Mir wäere frou, wa mir an där zoustänneger Kommissioun kéinte vum Fonds du Kierchbiereg e Konzept presentéiert kréien, wéi e bësse Fuerf a Liewen an dee Quartier sollt bruecht ginn.

Och den Dossier vun enger neier Nationalbibliothék muss viru verfolge ginn. Wéi steet et ëm d'Planifikatioun fir d'Veerlee vum de Servicer vum Europaparlament? A wéini gëtt d'Schuman-Gebai ofgerappt? Ass d'Regierung nach ëmmer där Meenung, datt déi nei Nationalbibliothék soll op déi aktuell Plaz vum Schuman-Gebai kommen?

Här President, d'ADR ënnersträicht d'Wichtegkeet vum Koordinatiounscomité fir d'Installatioun vun europäeschen an internationalen Organisatiounen. Si hätt gär, datt dee Comité sollt ëmmer esou zesummegeat sinn an och genuch Handlungsméiglechkeeten hunn, fir kënnen aktiv matzehlëfen, fir nei Institutiounen op Lëtzebuerg ze bréngen.

D'ADR huet den Androck, datt d'Regierung vill ze vill passiv un d'Sëtzfro erugeet a kee Konzept huet fir déi weider Stärkung an den Ausbau vum Siège. Niewent den europäeschen EU-Institutiounen sollten, wa méiglech, och nach aner europäesche oder international Institutiounen op Lëtzebuerg bruecht ginn. D'ADR freet duerfir d'Regierung, fir an der aussepolitescher Kommissioun hire Konzept an der Sëtzfro ze presentéieren.

Schliesslech wëllt ech nach ënnersträichen, datt d'Regierung sollt aktiv am Dialog mat de franséischen Autoritéiten a mat deene concernéierten Associatiounen bleiwen, fir datt dee wichtege Dossier vum Lycée Vauban kann esou séier wéi méiglech virugedriwwen ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Déi Fro ass net nëmme wichtege am Kontext vum Siège, mä och fir d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg fir auslännesch Entrepreneuren.

Villmools Merci, Här President.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Kartheiser Merci. An elo huet d'Wuert den Här Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Éischten wëll ech och dem Rapporteur an der ganzer Kommissioun Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi se gelescht hunn. Mir sinn och frou, datt mer dësen Text elo kënne schnellstméiglech iwwert d'Bühn kréien an datt mer den Accord vun alle Fraktiounen dozou hunn.

Ech hunn eng Rei Froen vum Här Kartheiser gestallt kritt, woubäi ech wëll bemierken, datt déi Froen am Fong, ausser déi éischt vläicht, mä soss keng, hei näischt mat dem Projet en tant que tel ze dinn hunn, datt ech der e puer hei beäntweren, bei enger Rei anerer awer, mengen ech, elo net den Nohaltegekeetsminister den Adressat vun der Fro direkt ass.

Déi éischt Fro: Evidenterweis ass et iwwerhaapt kee Problem, fir en aktualiséierten Iwwerbléck der Chamberskommissioun, wa se dat gär hätt, zoukommen ze loosse iwwer all déi Projeten, déi iwwert d'Loi de garantie lafen, respektiv iwwert d'Previsioun vun de Remboursementen, déi gemaach gi vum Bezuelen. Dat ass kee Problem. Do brauch entweder d'Finanzkommissioun oder d'Commission de l'exécution budgétaire, oder wien och ëmmer dat wënscht, nëmme ze froen, fir den Tableau ze kréien.

Dat Zweet, dat ass vun de Maastricht-Kritären: Souwäit meng Informatiounen elo sinn, falen déi hei Gebaier och ënner Maastricht, ënnert d'Dépenses, déi gemaach ginn. An do ass eng Diskussioun nach noutwendeg, sécherlech, mat den europäeschen Instanzen.

Drëtten Punkt, dat ass dee vum drëtten Tuerm: Et ass esou, datt dat reservéiert ass

bei der Cour de justice als Extensiounsméiglechkeet, déi d'Cour ka kréien. Mir hunn ëmmer probéiert bei allen europäeschen Institutiounen, déi mer implanteieren, Reservterrainen virzegesinn, och bei deem hei. Mä d'Diskussiounen, fir méi definitiv momentan un den drëtten Tuerm ze goen, déi sinn net entaméiert an do sinn och nach keng prezis Projeten do.

Wat de kleng Kueb ugeet, do ass et och esou, datt momentan an dem ganze Projet vun der Renovatioun vum Centre de conférences, wat jo een enorme Projet ass, wou mer mëtten dra momentan sinn, wou och elo wäert de Centre de presse hannerdru ganz frësch gemaach ginn. Par ailleurs wëll ech soen, datt dee Sall, dee Plenarsall, deen elo scho fäerdeg ass, immens flott ass an och ka scho benotzt ginn an och scho benotzt gëtt. Mä wat de kleng Kueb ugeet, ass elo nach kee Projet definitiv do, fir deen och frësch ze maachen. Mir sinn elo emol frou, wa mer déi Projeten, déi mer amgaang sinn, esou schnell wéi méiglech fäerdeg kréien.

Wat de Quartier ugeet vum Kierchbiereg selwer, do loosse ech dem Här Kartheiser säin eegent Jugement, ob en et schéi fënnt oder net schéi fënnt.

Ech stelle fest, datt mer hei e Quartier hunn, deen a senger Konzeptioun an de 60er Joren als en europäesche Quartier geplangt war, mat enger urbanistescher Konzeptioun, déi déi vun de 60er Jore war. Datt awer an den 90er Joren déi Konzeptioun och fundamental geännert huet an datt extrem vill Effort gemaach gi sinn, fir vun enger urbanistescher Konzeptioun aus de 60er Joren eriwuer ze kommen, fir doraus e Stadquartier ze maache mat all senger Funktionalitéiten, ob dat elo Büroraum, europäesche Büroraum, anere Büroraum ass, oder ob et Commercé sinn, oder ob et Wunnen ass, oder ob et sozial Infrastrukture sinn, oder ob et kulturell Infrastrukture sinn. A wann ee kuckt, wat alles u kulturellen a sozialen Infrastrukture geschaf ginn ass um Kierchbiereg, do gesäit een déi grouss Efforten, déi souwuel vun der Privathand wéi vun der staatlecher Hand, vun der öffentlecher Hand an de Kierchbiereg eragaange sinn.

Weider wëll ech soen, datt och um ganze Kierchbiereg Konzepter si fir d'Mobilitéit, fir d'Mobilité douce, Konzepter si fir Kultur, Konzepter si fir Parkinfrastrukturen ze maachen. A schlussendlech och déi Wunnquartieren, déi um Kierchbiereg installéiert ginn, an déi weider installéiert ginn, déi hunn eng gewësse Liewensqualitéit, déi schonn derwäert ass. Mä, wéi gesot, mir kommen aus de 60er Joren aus engem aneren Urbanismus eraus, an dat dierf een och net vergiessen.

Wat d'Nationalbibliothék ugeet, esou ass déi Fro einstweilen um Standpunkt, datt mer kucken, wéini d'Europaparlament kann aus dem Schuman erausgoen, fir do d'Nationalbibliothék ze installéieren. Dat ass awer nach eng Diskussioun, déi op ass, an ech wëll net en definitiven Datum momentan avancéieren, well den definitiven Datum, deen hânt jo evident dovunner of, wéini d'Europaparlament mat sengen neien Infrastrukturen, déi d'Europaparlament selwer um Kierchbiereg baut, déi also net vun der Administratioun vun de Bâtiments publics gebaut oder vum Stat prefinanzéiert ginn, fäerdeg ass.

A schlussendlech dee leschte Punkt, deen den Här Kartheiser gesot huet, deen ëm d'Sëtzfro geet. Do géif ech mengen, datt nun effektiv den Nohaltegekeetsminister elo net an der Regierung dee richtegen Adressat ass, fir iwwert d'Sëtzfro ze äntweren. Do musst Der scho bei Diplomaten aus der Aussepolitik ufroen, fir dat ze maachen.

Ech soen lech Merci, an nach eng Kéier Merci fir d'Ennerstëtzung fir dee Projet.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6019.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass heimat ofgeschloss an de Projet de loi 6019 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Raymond Weydert), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6043 iwwert de Bau vun der Maison des Sciences humaines zu Belval. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Mutsch an den Här Gibéryen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

2. 6043 - Projet de loi relatif à la construction de la Maison des Sciences humaines à Belval

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter 2005 steet fest, datt de gréissten Deel vun der Uni Lëtzebuerg a ganz nei Gebaier um Site vun den alen Industriebroochen op Esch-Belval plënnere wäert. Dovunner beträff si ganz sécher emol d'Fakultéit vun de Wëssenschaften, der Technologie an der Kommunikatioun, an d'Fakultéit vun de Sproochen, den Humanwëssenschaften, der Konscht an den Erzéiungswëssenschaften.

Zu där integraler Implantatioun vun dëse béide Fakultéiten op Belval huet sech déi nei Regierung an hirem Koalitiounsprogramm géeneegt oder bekannt. D'Uni Lëtzebuerg wäert op Belval dee wichtigste Bestanddeel vun der sougenannter Cité des Sciences duerstellen, een Ensemble vun zéng bis 15 Gebaier, déi alleguerten op där fréierer Héichuewenerrass gebaut ginn an déi all déi wichteg universitär Funktiounen enthalte wäerten. Dat geet u bei der Fuerschung iwwert den Unterrecht hi bis zur Administratioun.

Als éischte konkrete Projet vun der Cité des Sciences gouf an der leschter Legislaturperiod vun der Chamber de Bau vun der Maison du savoir gestëmmt. Zur Erënnerung, d'Maison du savoir enthält d'Infrastrukture fir allgemeng Coursen, fir Konferenze souwéi fir d'Administratioun vun der Uni, dorënner och d'Büroe vum Rektorat. D'Maison du savoir ass also deen éischte Bausteen vun dem zukünftege Site vun der Uni Lëtzebuerg op Esch-Belval.

Iwwert deen zweete Steen solle mir dann haut ofstëmmen, well dee virleiende Projet mat der Nummer 6043 de Bau vun der Maison des Sciences humaines virgesäit. Wéi den Numm et schonns seet, wäert dat geplangte Gebai de Sätz vun den Humanwëssenschaften ginn, déi jo en Deel vun der Fakultéit vun de Sproochen, Humanwëssenschaften, der Konscht an der Erzéiungswissenschaft ass.

An dësem Sënn huet de Bauteminister, den Här Claude Wiseler, de virleienden



Text dann och den 12. Mee 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 22. September 2009 ofginn. An der Sitzung vun der Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung vum 14. Oktober gouf ech dann och zum Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet genannt. An därselwechter Réunioun hunn d'Membere vun der Nohaltegekeetskommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert, fir dunn den 28. Oktober och de Rapport heivunner unzehuelen.

Här President, d'Konzept vum zukünftigen Haus vun den Humanwëssenschaften erlaabt e Maximum u Funktionalitéit. Duerch gëtt et méiglech, datt Synergien tëschent de Fuerscher geschafe ginn an datt d'Équipementer optimal genotzt wäerte ginn.

D'Struktur vum Gebai wäert flexibel sinn an d'Andeelung a verschidde Kompartimenter erméiglechen, esou wéi se grad dann och gebraucht ginn. Esou ass eng séier Upassung un d'Besoinë vun der Fuerschung, déi sech jo bekanntlech ganz séier och verännere kann, méiglech.

Déi Haaptaktivitéite vun der Maison des Sciences humaines sinn dann och d'Fuerschung an den Unterrecht. Derniewent wäerten et nach sekundär Aktivitéiten, wéi eng logistesche Ënnerstëtzung oder kulturell a sozial Aktivitéiten, hei ginn.

D'Maison des Sciences wäert op engem Grondstéck gebaut ginn, dat nördlech vum Hauptgebai vun der Dexia läit. Westlech vum Gebai wäert deen neie städtesche Boulevard Porte de France verlafen, während sech op där östlecher Säit d'Maison du savoir befinne wäert.

D'Parzell, op där d'Maison des Sciences humaines gebaut gëtt oder gebaut gi wäert, huet eng Fläch vun 8.300 m². Op dësem Stéck gëtt allerdéngs net nëmme d'Maison des Sciences humaines gebaut, mä och nach 140 Studentewunnengen an 30 Appartementer fir Fuerscher vun der Uni. D'Entrée vun der Maison des Sciences humaines läit op der Säit vun engem iwwerdeckte Parvis, wou sech och eng universitär Librairie an en öffentleche Bistro befinne wäerten.

D'Häerzstéck vum neie Gebai ass awer ouni Zweifel de Foyer, vu wou aus een an déi verschidden Deeler vum Haus wäert goe kënnen. De Foyer wäert dofir och déi Plaz sinn, wou sech dat sozialt Liewen am Haus ofspille wäert, well jiddwereen, ob Student, Professor, Fuerscher oder Visiteur, gezwongen ass hei duerchzegoen.

Um Rez-de-chaussée an der Verlängerung vum Foyer ass eng Salle polyvalente geplangt, déi ënnerschiddlech grouss ageeelt ka ginn. Um éischte Stack wäerte sech d'Unterrechtssäll, d'Säll fir déi praktesch Aarbechten, fir de Multimediaberäich an d'Sprooch befinnen. Op den ënnerierdesche Stack befinne sech schliesslech all déi spezifesch Fuerschungsraum mat deenen noutwendegen techneschen Installatiounen.

Här President, fir dem Konzept vun der nohalteger Entwécklung och Rechnung ze droen, ass bei der Maison des Sciences humaines bewosst op eng relativ einfach Architektur zréckgegraff ginn, déi sech duerch eng massiv Struktur, e kompakte Volumen an der Reduzéierung vun techneschen Installatiounen auszeechent. D'Gebai ass dann och esou gebaut, datt et net vill Energie wäert verbrauchen a gläichzäiteg awer e grouss Confort ubidde wäert.

Fir dee ganze Projet vun der Maison des Sciences humaines um Belval huet d'Regierung eng Enveloppe vu maximal 67.414.725 Euro virgesinn. De jährléche Coût d'entretien ass op 1.473.000 Euro ugeschloen.

Wat de Parkraum ubelaangt, ass ze soen, datt fir dee ganze Site 3.500 Parkplaze virgesi sinn. Haut si mer bei ronn 500. De Parkraum ass public an entsprécht a senge Berechnungen oder Estimatiounen engem „modal split“ vu 60/40. Wann een déi estiméiert Zuel vun de Studente kuckt, esou ass fir 20% vun hinnen eng Parkplaz virgesinn. Et geet een deemno dervun aus, datt 80% vun de Studenten öffentlech Verkéiersméiglechkeeten notze wäerten.

Wat d'Zuel vun de Studenten ugeet, gëtt et u sech zwou Estimatiounen no zwee Zeenarien.

Deen éischten ass deen, dee mir haut kennen, an zwar, datt 1,65% vun der Bevölkerungszuel dann och Studente sinn. Laut Statec liewen hei zu Lëtzebuerg am Joer 2020 ongeféier 511.000 Leit. Dat géif beim éischten Zeenario vun 1,65% bedeuten, datt ongeféier 8.432 Studenten op der Uni wieren.

Europawäit gëtt et awer eng aner Estimatioun oder eng aner Tatsaach. Well do hu mer an der Moyenne 3,3% vun der jee-weileger Bevölkerung als Studenten op den Unien. Bei dësem Prozentsaz kéim een dann awer praktesch op dat Duebelt, vu 16.863 Studenten. Hei muss een also kucken, wéi dat Ganzt sech dann an Zukunft entwéckele wäert.

Zum Schluss wëll ech dann nach soen, datt de Statsrot ausser e puer méi kleng Bemerkungen, déi mam Konzept selwer ze dinn hunn, déi mam öffentlechen Transport ze dinn hunn, déi mat der Mobilitéit vun handicapéierte Persounen ze dinn hunn, mam virleiende Projet d'accord ass. Op déi vum Statsrot opgeworf Froe krute mer an der Kommissioun Äntwerten an och zefridde stellend Erklärungen.

Här President, esou wäit vu menger Säit. Fir weider Detailler, wat de Bau vun der Maison des Sciences ugeet, verweisen ech dann och, wéi beim leschte Projet, op den Exposé des motifs an op mäi schrëftleche Rapport.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a bréngen zu dësem Projet och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Clement Merci. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger age droen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo. Merci, Här President. Ech ka ganz kuerz sinn. Ech wëllt éischstens dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht.

Wat elo déi technesch Aspekter ubelaangt, wëll ech virun allem ervirsträichen, datt hei e besonneschen Akzent op d'Nohaltegekeet beim Gebai geluecht gëtt, wat ech begrëissen, besonnesch wat d'Energiekonzepter ubelaangt. Et steet wéinstens emol am Projet de loi, datt do géif vill Méi sech gemaach ginn, fir do déi lescht Technologie kënnen dann och ze applizéieren.

Mir begrëissen awer och dëse Projet, well et ass e wichtege Baustee vun der Uni Lëtzebuerg. An et ass och doriwwer eraus e wichtege Baustee fir d'Frichë vun Esch-Belval, déi mer wëllen dévelloppéieren. Duerfir hoffe mer virun allem, datt dat hei elo ka schnell ëmgemat ginn, net wéi zum Beispill aner Projeten op deem Site, wéi Belval Plaza. A mir hoffen och, datt geschwënn all déi aner Elementer vun deem, wat do soll op de Frichë geschéien, kënnen deemnächst an Ugrëff geholl ginn. Dat, fir ze soen, datt mer och natierlech als Fraktioun wäerten deem Projet zoustëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Berger Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch age droen. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, also fir d'éischt natierlech e Merci un de Rapporteur, deen net nëmme de Bauprojet vun der Maison des Sciences humaines op Belval presentéiert huet, mä och e gudden Iwwerbléck ginn huet iwwert de Gesamtkontext, an dee sech de Projet agliddert. An dofir wäert ech dat natierlech net maachen. Ech wollt dat alles net widderhuelen, mä just e puer Punkten ervirsträichen, déi entweder nach net zur Sprooch komm sinn oder net esou am Detail zur Sprooch komm sinn.

Mir hunn natierlech als Land prezis Virstellungen, wéi sech d'Uni an deenen nächsten zéng bis 15 Joer soll entwéckelen. A mir hunn natierlech op d'Erfahrungen aus dem Ausland zréckgegraff, fir anzuschätzen, wéi grouss déi nei Gebaier musse sinn, déi mer plangen, wivill Raum déi eenzel Beräicher vun der Universiteit missten

hunn a wat fir spezial Équipementer misste gebraucht ginn; well mir hunn dat jo schonn oft hei mat op de Wee kritt.

Vun Natur aus ass eng Uni eng Institution, déi sech ëmmer erëm entwéckelt an déi, virun allem, wa se an der Opbauphas ass, net ëmmer esou genau ka virausgesinn, wat fir wéi eng Bedürfnisser - Léier a Fuerschung - an zéng oder 20 Joer muss do sinn. Dobäi ass eng Uni e Projet, dee vill méi laangfristeg ugeluecht ass, well wäit iwwert deen doten Zäitraum muss e jo nach kënnen ënner gudder Bedéngunge funktionéieren.

Ma genau dorobber - an am Usaz huet de Rapporteur dat och scho gesot - ass dëse Projet vun der Maison des Sciences humaines ganz gutt virbereet, well gebaut gëtt an Etappen, esou dass et méiglechst schnell genuch Raimlechkeet fir e gudden Start op deem neie Site Belval gëtt, a gläichzäiteg awer - an dat ass wichteg - alles virbereet gëtt, fir dass d'Gebaier parallel zur Entwécklung vun de Studentenzuele kënnen wuessen.

Och vum Konzept hier ass d'Maison des Sciences humaines esou geplangt, dass d'Opdeelung vum Raum innerhalb vum Gebai flexibel ass. Also, och do nees déi nämlech Flexibilitéit: multifunktionell Säll, déi kënnen ënnerschiddlech ënnerdeelt an och genotzt ginn, a wou déi eenzel Équipementer kënnen mat ville Studenten an och als kleng Seminärraum genotzt ginn. Dat ass wierklech wichteg.

Doriwwer eraus bitt de Site op Belval nach Ausbauméiglechkeeten. Dat hu mer hei och schonn e puermol ënnerstrach. An dat war jo och eent vun den Argumenter, dass d'Regierung am Dezember 2005 dovun iwwerzeegt war, fir op de Site vu Belval ze goen. Eng nei Uni, déi nach voll am Opbau ass, brauch Plaz a Flexibilitéit. A si brauch, fir net isoléiert ze sinn, eng urbanistesche Ubannung un déi gewuesse Struktur ronderëm, wat jo mat der Mixitéit vun de Funktiounen vun eben deem Quartier, deem um Territoire vun zwou Gemengen läit, ginn ass.

E Virwurf, deen d'Politik oft gemaach kritt, wann et ëm grouss Bauprojekte geet - an dat ass och hei an deem Zesammenhang an der Vergaangenheet net aneschtens gewiescht -, ass deen, dass ze vill Wäert géif op de Prestige geluecht ginn an net genuch Wäert op d'Funktionalitéit; dass mer ze vill Sue géifen ausginn, fir - gëtt dann ëmmer gesot - den Numm vun internationalen Architekten an de Vierdergrond ze stellen, fir eng iwwerdrivwe luxuriéis Ausféierung vum Projet ze maache par rapport zur Benotzerfrëndlechkeet.

Majo, bei der Maison des Sciences humaines am Quartier Belval ass dat mat Sécherheet net de Fall. Den Opdrag vun den Architekten war et, e flott, innovatiivt Konzept auszeschaffen, wat de Studenten an dem Personal et virun allem géif erméiglechen, fir sech an hirem Quartier an an hirem Uni wuel ze fillen an ënner optimale Bedéngungen ze schaffen. An dat net nëmme an deenen éischte Joren, mä och nach an deenen nächste puer Jorzéngten, fir déi jo awer déi do Gebaier an déi ganz Uni konzipéiert sinn.

Mir si bei eis an der Fraktioun der Meenung, dass d'Architektin, d'Madame Fabeck, dës Aufgab ganz exzellent geléist huet an en plus e ganz attraktivt Projet hei virgeluecht huet. Doriwwer eraus konnt si och allen anere Wënsch Rechnung droen, wéi et och zum Deel elo scho gesot ginn ass, fir e méiglechst effizient Energiekonzept, dat an enger Cité des Sciences eng Selbstverständlechkeet misst sinn an an dësem Fall och ass.

Vun Ufank u mat agefloss sinn och Iwwerleeungen zu de spéidere Maintenancekäschten, wat net nëmme a Krisenzäiten, mä och ënnert de Kritäre vun der Nohaltegekeet absolut Sënn mécht.

Meng Fraktioun ass deemno der Meenung, dass de Bau vun der Maison des Sciences humaines net nëmme e wichtegen, mä och e gutt konzipéierte Projet ass an engem wirtschaftleche Gesamtkontext, Universitéit a Fuerschung, deen eiser Meenung no fir d'Zukunft vun eisem Land onverzichtbar ass.

Ech géif domat d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem wichtegen Projet mat op de Wee ginn.

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Lydia Mutsch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen age droen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Lucien Clement als Rapporteur Merci soe fir dëse Projet an och gläichzäiteg zu dësem wichtigen, fir eis och wichtige Projet d'Zoustëmmung vun eiser Säit aus bréngen.

Ech wollt, Här President, wann Der erlaabt, déi puer Minutten, wou mer hei zoustinn, eng allgemeng Remarque maachen. Mir stëmmen haut de Mëtteg hei an der Chamber dräi Projeten, déi all zesummen eng Valeur hu vu ronn 200 Milliounen Euro oder aacht Milliarden aler Frang. Dovunner sinn 88 Milliounen, déi mer als Stat rembourséiert kréien iwwert d'Europäesch Communautéit iwwer eng Konvention, wat d'Cour de justice ubelaangt um Kierchbiereg. Mä et bleiwen trotzdeem dann nach 112 Milliounen fir de Statsbudget iwwreg.

Mir hu viru 14 Deeg hei an der Chamber eng „Hall“ gestëmmt fir eis Arméi um Härebiereg zum Präis vu 64 Milliounen. Wann een dat kuckt, dat waren 2,6 Milliarden aler Frang. Dat, wou ech mat dëser Intervention wëll drop opmierksam maachen, dat ass, datt mir hei iwwert d'Funktionalitéit an iwwert d'Wichtigkeet vun de Projete schwätzen an do an der Regel eis och ëmmer eens sinn, mä datt mer net méi iwwert de Präis schwätzen.

Mir stëmmen hei déi Projeten, wéi wa mer géifen eng Dose Bréidercher kafe goen. Mir hu Projeten hei, déi kaschten zwou Milliarden oder aacht Milliarden, stëmme mer, aler Frang, haut de Mëtteg. A mir hunn de Modèle de base gewielt, fir heiriwwer ze diskutéieren. Dat sinn zwee bis dräi Pei-Muséeën, déi mer de Mëtten hei stëmmen, wat d'Valeur ubelaangt.

A wann ech dann zréckdenken, wat mer deemools Diskussiounen haten iwwert dat Geld, datt dat ze vill war, an et ass méintelaang a Joren driwwer gestridde ginn. Hei stëmme mer de Mëtte fir 200 Milliounen Euro Projete laut dem Modèle de base a mer maachen eis net mat enger eenzelter Minutt Gedanken iwwert de Finanzement.

Ech wëll dat net als e Virwurf gesinn, well mir hunn och als Partei ëmmer déi dote Projete matgestëmmt, a mer stëmme se och haut mat. Mä ech wëll just drop opmierksam maachen, datt gëschter de Kolleeg Lucien Thiel hei als Rapporteur drop opmierksam gemaach huet, datt mer misste Sue spueren, an datt en am Fong gesot huet: Mir mussen och beim Stat kucken, ob mer net kënnen all Dépensen duerchkucken, wou mer kënnen spueren. Et ass geschwat gi vu méi klenger Bréidercher baken.

Alles dat ass richteg, mä ech géif mengen, datt grad op dësem Punkt, wat d'Investitiounen ubelaangt, mer kéinte spueren. Mer kéinte spueren! An duerfir géif ech invitéieren, datt mer als Chamber eis géife mat deenen zoustännegen Ministeren zesummesetzen, fir emol eng Kéier seriö driwwer ze diskutéieren, wéi mer déi Projeten do kéinte méi analyséieren, wat de Finanzement ubelaangt, wat d'Investisement ubelaangt, well mer jo awer wëssen, datt mer virun enger Rei vu Joren - och do maachen ech kee Virwurf -, wéi et eis nach terribel gutt gaangen ass am Fong, gesot hunn no baussen: Wat kascht de Rescht vun der Welt? Mir Lëtzebuerger, mir kafen et.

An an deem Genre hu mer och gebaut hei zu Lëtzebuerg. Et ass weider net nom Präis gekuckt ginn. Dat Schéinst an dat Bescht war grad gutt genuch.

Mir gesinn awer, datt am noen Ausland ähnlech Gebaier opgeriicht ginn, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg och opriichten. A wa mer dann d'Präisser vun deene vergläichen, wat déi investéieren, fir esou eppes ze realiséieren, a mer kucken, wat mir investéieren hei zu Lëtzebuerg, da gesi mer, datt dach awer do e risen Ënnerschied tëschent den Investitiounskäschte läit.



Meng Interventioun geet dohinner - wéi gesot, ouni e Virwurf ze maachen -, datt mer eis sollten, sief et an der Comexbu, an der Finanzkommissioun oder an der Kommissioun vun der Nohaltegkeet, mat der Regierung zesummesetzen an emol eng Kéier kucken, wat fir eng Moyaenë mer hunn a wat fir eng Kritären datt mer kéinte setzen, fir an Zukunft och d'Projeté méi iwwert d'Finanzéierung kënnen ze duerchliichten.

Mir wëssen alleguerten, datt d'Investissementsfonge vum Stat 2010 op en Enn ginn. Mir hunn also alleguer en Intérêt drun, fir ze kucken eis Projeten esou finanziell anzestufen, datt mer och nach all Projekte realiséiert kréien, déi mer brauchen, déi d'Land bluttnéideg brauch un Infrastrukturen, net datt mer elo drop lasschloen.

Wa mer kucken, wat dëst Parlament elo an deene puer Wochen, wou mer zesumme sinn, scho fir 200 Milliounen Projeten hei gestëmmt huet - ouni déi Projeten, déi d'Regierung realiséiert, fir déi se net méi brauch an d'Chamber ze kommen, déi ënner 40 Milliounen leien -, da muss ee sech d'Fro stellen, ob mer herno och nach Suen hunn, fir déi Projeten ze realiséieren, déi och an zwee, an dräi, a véier Joer musse realiséiert ginn. Dat schéngt mer trotzdeem eng Diskussioun ze sinn, déi haut méi wéi jee wichteg ass.

Ech wollt dat mat an dës Diskussioun era-bréngen, wéi gesot, ouni Virwurf, mä datt mer eis sollen, d'Regierung an d'Chamber, zesummesetzen, fir zesummen ze kucken, wéi mer datselwecht Resultat fir manner Geld kënnen erreechen.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. An elo huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler, wann ech gelift.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech soen och hei dem Rapporteur villmools Merci fir déi gutt Aarbecht an der Kommissioun, och fir déi schnell Aarbecht, déi gemaach ginn ass. An och der Ënnerstëtzung vu sämtleche Fraktiounen villmools Merci.

E puer Remarquen awer zu deem, wat den Här Gibéryen gesot huet. Dat éischt, wat ech wëll soen, dat ass, datt d'Chamberskommissioun fir Nohaltegkeet an Infrastrukturen an där leschter Sëtzung, déi se hat, eng Diskussioun mat der Regierung iwwer staatlech Investisementer hat, wou mer gekuckt hunn, wat d'Prioritéiten sinn an no wat fir enge Prioritéiten déi zukünfteg Politik en général sollt ausgeriicht ginn.

An et ass evident, datt och de Projet, wéi zum Beispill deen, dee mer elo stëmmen iwwert d'Uni Lëtzebuerg, ee vun deene Projeten ass, deen awer, och wa mer a schwéieren Zäiten haut sinn, zukunfts-virbereedend ass, well en eis en neie Créneau opmécht a well en eis aus der schwéierger Situatioun, wou mer elo dra sinn, erausbréngt a Weiche setzt, déi eis an Zukunft ekonomesch mat Investisementer och kënnen op där Plaz do hëllefen.

Ech si selbstverständlech an d'Regierung ass selbstverständlech bereet, an der Kommissioun och weiderzefueren Diskussiounen ze féieren iwwert d'Investisementer, wéi mer wat a wat fir enger Zäit investéieren. A wann ech an der Kommissioun kann eng Diskussioun féieren dor-iwwer, wéi mer eenzel Projekte kënnen méi bëlleg maachen, si mer selbstverständlech och bereet dozou.

Ech wëll awer just déi ganz kleng Remarque maachen, datt ganz oft an de Kommissioun Froen gestallt ginn, a wa mer lech all Kéier géife positiv drop äntwerten, se oft net deen Effekt hätten, wéi Der en elo beschriwwen hutt, mä heiansdo de konträren Effekt hätten, deen Der beschriwwen hutt.

Dofir sinn ech ganz frou, wa mer déi Tendenz gemeinsam kënnen probéieren an de Grëff ze kréien, Här Gibéryen.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler Merci.

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6043.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6043 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Raymond Weydert), Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou decidéiert.

Da kéime mer elo zum Projet de loi 6061 iwwert de Bau vun der zweeter Phas vum Laboratoire national de Santé zu Diddeleng. D'Riedezäit ass och nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Berger, Bodry an Henckes. D'Wuert huet elo nach eng Kéier de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

3. 6061 - Projet de loi relative à la construction de la deuxième phase du Laboratoire National de Santé à Dudelange

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, d'Gesetz vum 19. November 2003 huet der Regierung d'Erlaabis ginn, fir zu Diddeleng en neien nationale Gesondheitslaboratoire ze bauen. D'Missioun vun deem Laboratoire ass et, ze kontrolléieren, ze diagnostizéieren a mat anere Fuerschungs- a Gesondheitsinstituter zesummenzeschaffen. Fir dës Aktivitéiten vum nationale Gesondheitslaboratoire ze garantéieren, gouf dann dunn och decidéiert, fir d'éischt emol ee Gebai ze bauen. Mam Bau vum éischten Deel vum Laboratoire ass dann och am Januar vun dësem Joer ugefaange ginn.

De virleiende Projet gesäit logescherweis de Bau vun dem zweeten Deel vum Gesondheitslaboratoire zu Diddeleng vir. An dësen zweeten Deel wäerten de Veterinärlaboratoire, de Service vun der molekularer Pathologie, den Institut vun der Geriichtsmedezin an de radiophysesche Laboratoire drakommen. Am Ufank war och geplangt, fir de Waasser- an Ëmweltlaboratoire zu Diddeleng ze bauen, mä am Februar 2006 huet d'Regierung decidéiert, fir dës Laboratoire op Esch-Belval ze setzen.

An dësem Sënn huet de Bauminister de virleienden Text och den 23. Juli 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet och heizou säin Avis den 22. September

2009 ofginn. An der Sitzung vun der Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung vum 23. September 2009 gouf ech zum Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet genannt. An der Réunioun vum 14. Oktober 2009 hunn d'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert, fir dann den 28. Oktober och de Rapport unzehuelen.

Här President, well e Laboratoire e Gebai ass, dat duerch seng spezifesch Funktiounen bestëmmt gëtt, gouf et fir d'Architekten deemno och kee grouss Spillraum. Esou baséiert d'Struktur vum Gebai op enger strenger Organisatioun vun de Laboratoiren an integréiert deemno all déi néideg an technesch Infrastrukturen. Gläichzäiteg bitt d'Gebai eng grouss Flexibilitéit, esou datt et zu all Moment un déi verännert Besoinë vun der Fuerschung an der Technik ugepasst ka ginn.

Den typesche Laboratoire wäert eng Déift vun 8,6 m an eng Héicht vun 3,5 m hunn. Deen Deel vum Laboratoire, dee sech laanscht dem Gank befënnt, enthält all déi technesch Apparater, während an deem Deel, dee sech op der Säit vun der Fassad befënnt, d'Büroe sinn. Déi zwee Deeler sinn duerch eng Fënster ee vun deem anere getrennt. D'Ausgesi vum Gebai gëtt duerch Flächen, déi relativ zou sinn, an duerch eng hellbeige Bëtonsschicht bestëmmt.

Et sief och drop higewisen, datt dat geplangte Gebai alle Sécherheetsuuforderungen entsprécht an datt deen neie Laboratoire energiespuersam gebaut wäert ginn.

Ech denke schonn, datt et Sënn mécht, fir déi verschidde Laboe beieneen ze bauen. Verschidde Synergie wäerten och hei Entstoen. Dës Iddi vun deem Labo-Campus entsprécht och dem Wëllen hei vun der Chamber, déi dat dann och per Motioun zum Ausdrock bruecht hat.

Fir dee ganze Projet vum zweeten Deel vum nationale Gesondheitslaboratoire zu Diddeleng huet d'Regierung eng Enveloppe vu maximal 45.125.000 Euro virgesinn. D'Entretienskäschte belafe sech op 866.000 Euro pro Joer.

Zum Schluss bleift nach festzustellen, datt de Statsrot mam virleiende Projet d'accord ass.

Här President, esou vill vu menger Säit. Och elei fir weider technesch Detailer zum zweeten Deel oder zum Bau vum zweeten Deel vum nationale Gesondheitslaboratoire verweisen ech op mäin Exposé, op den Exposé des motifs an op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, dat war elo deen drëtten Rapport vu mir iwwer Bauprojekte fir de Mëtteg. An do wëll ech un dat unhaken, wat den Här Gibéryen gesot hat. Et waren zäitlech gesi relativ kleng Rapporten, mä dofir ëmsou méi deier Rapporten. Mir hunn elo an enger gudder Dräivéierelstonn 200 Milliounen gestëmmt, wat schonn enorm ass. Allerdéngs muss een do berücksichtigen, datt, wéi den Här Gibéryen dat och gesot huet, 88 Milliounen Remboursement wäerte kommen.

Et ass bei allen dräi ëm relativ zimlech vill Geld gaangen, mä et muss een awer och soen, datt et lauter Projekte waren, déi een awer muss an enger Kontinuitéit gesinn, wou schonn en Ufank gemaach ginn ass an déi een einfach net an der Halschecht kann ophalen. Déi musse weidergebaut ginn.

Dat gesot, Här President, sinn ech frou, wann dee Projet hei och eng grouss Zoustëmmung an der Chamber kritt, a bréngen och wéi bei deenen aneren den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, Merci. Als éischte Riedner ass den Här Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci. Ech wëlt dem Rapporteur hei vun dëser Plaz aus Merci soe fir säi kuerzen, awer ganz ausféierleche Rapport. Mir wëssen alleguerten, datt en nationale Laboratoire zu Lëtzebuerg eng Noutwendegkeet ass. Ech ka mech erënneren un Zäiten, et ass nach

net allze laang hier, wou mer Diskussiounen haten, well mer guer keng Infrastruktur hei zu Lëtzebuerg dofir haten, datt de Laboratoire a schlechte Raimlechkeete war. Mëttlerweil hu mer eng éischt Phas scho gestëmmt gehat. De Projet geet och ganz gutt virun. Mir waren eng Kéier mat enger Kommissioun dat kucken. Elo si mer dann amgaang, déi zweet Phas ze plangen, ze stëmmen, wat also eng gutt Saach ass, wat mer kënnen begrëssen.

Bon, méi speziell als Süd-Députéierte géif ech och soen, datt ech frou sinn, datt esou e Projet, en nationale Projet, an de Süde kënnt an datt och net nëmmen alles op Esch-Belval kënnt, mä datt och aner Standuerten am Süde ganz interessant sinn, wéi hei eben Diddeleng, an datt mer dat also och begrëssen.

Dat gesot, géif ech dann och den Accord vu menger Fraktioun abréngen.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Eugène Berger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions et hilarité)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dir Dammen an Dir Hären, d'sozialistesche Fraktioun begréisst, dass de Stat seng Effortë fortsetzt, fir déi öffentleche Laboratoiren éischters ze regroupéieren an zweetens hinnen och modern a funktionell Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen.

Déi Leit, déi an deene leschten 20 Joer d'Chance oder de Pech haten, an de Statslabo an d'Stad kucken ze goen, wëssen, ënner wat fir enge Konditiounen do huet misse geschafft ginn. Ech muss soen, dass et héich Zäit ginn ass, dass do endlech Neel mat Käpp gemaach si ginn an dass elo u sech déi Projekte vun neie Laboen ufänken, konkret Konturen ze kréien. Och wann dat ursprüngelech Zil, wat nach 2003 hei an der Chamber och festgehal gi war, fir sämtlech öffentleche Laboen um Site vun Diddeleng ze regroupéieren, elo net wouergemaach gëtt, well decidéiert ginn ass, fir d'Laboe vun der Waasserwirtschaft respektiv vun der Ëmwelt op Belval ze implantéieren.

Et ass esou, dass de Statslabo amgaang ass, gebaut ze ginn. Eng Enveloppe vun 88 Milliounen war fir déi éischt Phas hei vun der Chamber accordéiert ginn. An de Bau, deen elo effektiv monter virugeet, soll bis spéitstens Enn 2011 fäerdeg sinn. Haut geet et dorëm, dass déi zweet Phas gestëmmt gëtt vun deem neie Statslabo. Véier nei Services, véier nei Laboe solle bei deen am Bau befindlechen Deel vum Statslabo zu Diddeleng derbäikommen.

Installéiert ginn déi Gebailechkeeten an enger kommunaler Aktivitéitszon. Et ass d'Gemeng Diddeleng, déi déi Zon do erschloss huet an déi d'Terrainen un de Stat weiderverkauft huet.

Mä de sympatheschen Diddelenger Buergermeeschter huet mer viru kuerzem an d'Ouer geflüstert, Dir Häre Ministeren, dass déi vertraglech Verpflichtungen, déi de Stat géigeniwwer der Gemeng agaangen ass, net respektéiert gi si bis haut. Dat heescht, 1,8 Milliounen Euro, dat ass fir d'Gemeng Diddeleng relativ vill Geld, stinn nach ëmmer aus,...

(Interruption)

...obwuel d'Échéancen, déi festgehal waren an engem gemeinsame Com-promis, scho laang erfall sinn.

► **Une voix.**- Abee jo!

(Interruptions)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- All Versich, fir bei der staatlecher Verwaltung do un déi richtig, zoustänneg Leit ze kommen, si bis elo gescheitert. Ech wär also frou, wann deen Dû vun der Gemeng och géif an nächster Zäit ausbezuel ginn, esou wéi och d'Gemeng probéiert, géigeniwwer dem Stat hire Verpflichtungen nozekommen.

Et ass ugeduecht, an dat ass wichteg - de Wirtschaftsminister huet déi eng oder aner Iddien an déi Richtung schonn entwéckelt -, dass ronderëm dee Statslabo do an där Aktivitéitszon och aner Aktivitéiten an Zukunft ugebaut kéinte ginn, déi sech am Beräich Gesondheetstechnologie oder Ëmwelttechnologie géife bewegen. Et géif Sënn maachen, dass ee géif probéieren,